

A:LL Schrëftsteller\*innen asbl  
Association sans but lucratif  
1, rue de Laroche L-1918 Luembourg  
F-13007

---

## Rapport vun der Assemblée Générale den 25. Abrëll 2024

---

Präsident: Jeff SCHINKER  
Vizepräsident: Francis KIRPS  
Sekretär: Maxime WEBER  
Tresorière: Nora WAGENER

### Present:

Ulrike BAIL, Jean BEURLET, Ian DE TOFFOLI (19h15), Tullio FORGIARINI, Luc FRANCOIS, Gast GROEBER, Francis KIRPS, Chris LAUER, Claudine MUNO, Antoine POHU, Jeff SCHINKER, Elise SCHMIT, Mandy THIERY, Nora WAGENER, Maxime WEBER, Robert WEIS

### Procuratiounen:

- De Pierre DECOCK gëtt dem Tullio FORGIARINI seng Procuratioun
- De Ian DE TOFFOLI huet dem Jeff SCHINKER seng Procuratioun bis zu senger Arrivée géint 19h30 ginn.
- De Bernd GONNER gëtt der Ulrike BAIL seng Procuratioun.
- De Guy HELMINGER gëtt der Elise SCHMIT seng Procuratioun.
- Den Tom NISSE gëtt dem Francis KIRPS seng Procuratioun.
- D'Anne-Marie REUTER gëtt dem Tullio FORGIARINI seng Procuratioun
- D'Nathalie RONVAUX gëtt dem Gast GROEBER seng Procuratioun.
- D'Dana RUFULO gëtt dem Francis KIRPS seng Procuratioun.
- D'Florence SUNNEN gëtt der Ulrike BAIL hir Procuratioun.
- De Florent TONIELLO gëtt dem Gast GROEBER seng Procuratioun.
-

A:LL Schrëftsteller\*innen asbl  
Association sans but lucratif  
1, rue de Laroche L-1918 Luembourg  
F-13007

**D'Sëtzung gouf zu Weimerskirch am Kulturzenter ofgehalen.**

**D'Adress ass: *Centre Culturel Am Duerf*,  
1, Rue Henri Lamormesnil, L-1915 Weimerskirch**

**Ufank vun der Sëtzung: -18:40.**

A:LL Schrëftsteller\*innen asbl  
Association sans but lucratif  
1, rue de Laroche L-1918 Luembourg  
F-13007

---

## **Dagesuerdnung:**

- 1. Allocution du Président**
  - 2. Rapport d'activité 2023**
  - 3. Rapport de la trésorière sur l'exercice 2023**
  - 4. Rapport des réviseurs de caisse**
  - 5. Approbation des bilans et comptes**
  - 6. Désignation des réviseurs de caisse pour 2024**
  - 7. Élection de nouveaux membres du Conseil d'administration**
  - 8. Présentation des groupes de travail**
  - 9. Discussion libre**
- 

## **I. Allocution du Président**

### **Allocution du président**

SC

Ecris-moi une allocution pour l'assemblée générale d'A:LL Schrëftsteller\*innen  
ChatGPT

Bien sûr, voici une proposition d'allocution pour l'assemblée générale d'A:LL  
Schrëftsteller\*innen :

---

Chers membres de l'A:LL Schrëftsteller\*innen,

C'est avec un profond sentiment de gratitude et d'enthousiasme que je me tiens devant vous aujourd'hui, en cette assemblée générale de notre communauté littéraire. C'est un honneur et un privilège de pouvoir partager ce moment avec chacun d'entre vous, des écrivains et des écrivaines passionnés qui enrichissent notre monde par leur créativité et leur talent.

L'A:LL Schrëftsteller\*innen incarne la diversité et la richesse de la littérature luxembourgeoise et au-delà. Nous sommes une communauté où les voix de chacun

A:LL Schrëftsteller\*innen asbl  
Association sans but lucratif  
1, rue de Laroche L-1918 Luembourg  
F-13007

sont valorisées, où les histoires de tous les horizons trouvent leur place et leur écho. Ensemble, nous formons un réseau de soutien et d'inspiration, où nous nous encourageons mutuellement à repousser les limites de notre imagination et de notre expression.

En regardant en arrière sur l'année écoulée, nous pouvons être fiers des réalisations de notre association. Des lectures publiques aux ateliers d'écriture, des collaborations interculturelles aux publications collectives, chaque initiative a contribué à renforcer les liens qui nous unissent en tant qu'écrivains et écrivaines. Nous avons partagé nos histoires, écouté celles des autres et célébré la diversité de nos voix.

Mais aujourd'hui n'est pas seulement l'occasion de réfléchir sur le passé, c'est aussi un moment pour regarder vers l'avenir. Ensemble, nous avons encore tant à accomplir. Que ce soit en explorant de nouveaux genres littéraires, en cherchant à toucher de nouveaux publics ou en défendant les droits des écrivains, notre potentiel est illimité lorsque nous unissons nos forces.

Dans les défis qui se dressent devant nous, je suis convaincu que nous trouverons également des opportunités. Les défis de notre époque appellent à la créativité, à l'audace et à la solidarité. En tant qu'écrivains et écrivaines, nous avons le pouvoir unique de donner voix à ceux qui sont réduits au silence, d'imaginer des mondes meilleurs et d'inspirer le changement.

Je vous encourage donc à continuer à écrire avec passion et détermination, à partager vos histoires avec courage et compassion, et à soutenir vos collègues écrivains dans leur parcours. Ensemble, nous sommes plus forts. Ensemble, nous pouvons transformer les mots en actions, les histoires en réalité.

En conclusion, je tiens à exprimer ma gratitude à chacun d'entre vous pour votre contribution à notre communauté littéraire. Que cette assemblée générale soit le début d'une nouvelle année riche en créativité, en collaboration et en accomplissement. Merci.

Vive l'A:LL Schrëftsteller\*innen !

---

N'hésitez pas à ajuster le discours selon les besoins ou les préférences spécifiques de l'assemblée générale.

A:LL Schrëftsteller\*innen asbl  
Association sans but lucratif  
1, rue de Laroche L-1918 Luembourg  
F-13007

Wat léiere mer aus dëser Allocutioun, déi ChatGPT frëndlecherweis fir mech „verfaasst » huet ?

1. Zukunft vu Minister-Riedeschreiwere ass a Gefor. An akkuter Gefor.
2. ChatGPT wees vagement, wie mer sinn, awer och net ganz genee.
3. ChatGPT ass gutt am sech vague halen an am généralell bleiwen. Dofir, nees: Ministerrieden.
4. Vlächcht sinn an der Ried e puer Iddien, déi een effektiv esou guer eemol ëmsetze wéilt.
5. Ni méi wäert ech iergend wou soen, dass mer fir déi schreiwen, déi keng Stëmm hunn, ouni dass ech dorun denken, dass dat Deel vun enger I.A.-generéierter Ried war.
6. ChatGPT ass clever oder net Meta genuch, fir sech selwer als Erausforderung ze gesinn.
7. ChatGPT huet och doranner recht: wann ee sech ukuckt, wéi banal déi Riet ass, brauche mer wierklech net em d'Zukunft vun eisem Metier ze fäerten. Esou laang mer d'IAen net zevill domat fiddere.

Ma et gëtt net just Saachen, déi mer vun dëser IA-Riet kënnen léieren, ma och Saachen, déi mer zesummen am Comité an am Bureau exécutif am leschte Joer geléiert hunn. Hei eng kleng Auswiel:

- Net nëmme fir eis Memberen, ma och fir Fournisseure vu Police-Booter an Tulpe-Liwweranten an dem Foyer ass eng E-Facturatioun net evident.
- All aner Kultur-asbl huet eng Persoun agestellt, déi fir si schafft. Mir wëssen entretemps, wéi sou.
- Wann zwee Männer mat krokeleger Schrëft am Hannerraum vun engem Dommeldenger Troquet Adressen op Enveloppen krotzelen, kommen d'AG-Inviten awer un. Merci Post.
- De Wiessel vun engem Bureau exécutif op den nächsten ass méi komplizéiert wéi eng Ierfschaft. Besonnesch beim administrativ-finanziellen. Hei geet éischer een Anti-Merci un d'Post, Luxtrust a Konsorten, dofir awer ee ganz waarmen un d'Nora.
- Reservatiounen fir den CA am Bovary muss een am beschte Fall trippel checken.
- De Kaffi am Ministère de la Culture schmaacht nach ëmmer no Féiss, Strëmp a Schong, ausser de feinen Här am Accueil proposéiert engem een Espresso. Vlächcht geet de ganze Budget an de Barbier vum Minister.

A:LL Schrëftsteller\*innen asbl  
Association sans but lucratif  
1, rue de Laroche L-1918 Luembourg  
F-13007

Genuch awer lo mat de Lëschten. Ech wéilt iech all ee grouse Merci soen, dass der den Owend an dësem bëssi glauque Sall mat eis sëtzt, fir eis järelech AG. Déi éischt an dëser Konstellatioun, déi éischt no engem Joer mam neie Bureau. Deen direkt an engem Waljoer un d'Rudder koum, wat net ëmmer evident war. Déi lescht virun eisem éischte Jubiläum – d'ALL kritt nächst Joer 5 Joer, fir déi mer eppes ganz extraes geplangt hunn. Ech wëll elo net scho Saache soen, déi an den Rapporten stinn, déi mer gläich virstellen, mä ech mengen, et kann ee soen, mir hätten och an deel Iwwergangsjoeer net chôméiert a maachen eis esou lues op nationaler Ebene, mat Treffene mam Ministère, Engagement an der Ulasc, am Conseil national du livre, wéi op internationaler Ebene – European Writers Council – een Numm (zut, deen dote Saz klängt elo awer nees wéi ChatGPT). Wat mer haut zousätzlech zu deem, wat mer ëmmer maachen, ass, dass mer kuerz eis Aarbechtsgruppe virstellen, well sech an eisen Aarbechtsgruppen ëmmer déi nämmelech setzen a mer hei dann och appelléieren, sech bei de verschiddene Leit ze mellen. An dass mer versichen, déi vakant Plazen am CA nei ze besetzen, fir nees zu 13 ze sinn, well: the more the merrier. Éiert mer zur nächster Etapp iwwerginn, wéilt ech gären dem CA fir seng Präsenz a säin Engagement an de Sätzungen, virun allem awer och dem Bureau Merci soen – Merci Nora fir deng präzis an net ëmmer ganz dankbar Tresorie-Aarbecht, merci Maxime fir deng Rapporten, merci Francis, dass du zesumme mam Nora ëmmer en A op eisem obskurem Checkdomain.de-Mail-Account häls. Sur ce, soen ech mat ChatGPT: Vice d'A:LL!

## **2. Rapport d'Activité 2023**

Dono stellt de Sekretär Maxime WEBER den Rapport d'Activité 2023 fir.

Am Laf vum Joer goufen insgesamt 5 gewéinlech Verwaltungsrot-Versammlungen ofgehalen, am Februar, Abrëll, Juni, September an Dezember 2023, an eng aussergewéinlech Verwaltungsrot-Versammlung am Oktober wéinst der Regierung an der Fro, wéi A:LL als eenzel ASBL, mee och mat der ULASC drop reagéiere soll.

Am Laf vum Joer huet A:LL sech reegelméisseg mat den Acteuren aus der Literatur- a Kulturzeen bei Reuniounen ausgetosch, ë. a. mat dem Kulturministère, Kultur:LX, der ULASC, dem Kulturministère, dem Organisatiounsteam vun de Walfer Bicherdeeg, der

A:LL Schrëftsteller\*innen asbl  
Association sans but lucratif  
1, rue de Laroche L-1918 Luembourg  
F-13007

Gemeng Beetebuerg, Verrieder vum Editeur-Verband an dem Conseil National du Livre.

Am Laf vum Joer huet A:LL an Newsletteren seng Memberen iwver Aarbechtsgruppen, Ausschreiwungen, kulturpolitesch Entwécklungen an Initiative vun A:LL a Partenairen informéiert.

Am Laf vum Joer hunn sech déi verschidden Aarbechtsgruppe reegelméisseg getraff. Den Florent TONIELLO huet sech mam Aarbechtsgrupp „IT/Kommunikatioun“ dru gesat, den Internet-Site [www.a-ll.lu](http://www.a-ll.lu) z'optimiséieren, fir dat e méi no uewe rutscht bei Sichmaschinnen. Dozou gouf deen alen Instagram-Account gelëscht, een neien opgemaach a vum Jean BACK iwverholl. Außerdem gouf ofgestëmmt, den ALL-X/-Twitteraccount zouzemaachen. Den Aarbechtsgrupp „Lyrik“ huet sech dorëms gekëmmert, wéi een zu Lëtzebuerg Lyrik besser promovéiere kann, vu que déi bis ewell zimmlech ënner de Radar gefall ass. Eng Iddi dofir wor, eng Memberschaft beim Netzwerk Lyrik unzufroen. De Grupp „Émergents“ wor och weider aktiv. En huet sech all zwee Méint getraff an am Summer een „Creative Weekend“ op der Schläifmillen organiséiert. De Grupp „Rémunération“ wiederum huet ee Contrat type fir Liesungen ausgeschafft.

Eenzel Ufroen, Vermëttlungen an Ureegungen, déi vu Memberen an externe Persounen un ALL erubruecht goufen, sinn dat ganz Joer iwver duerch de Bureau exécutif betreit ginn. Eng weider d'administrativ Hürd, déi d'A:LL bewältegt huet, wor d'Aféierung vum Online-Banking a vun der E-Facturatioun via PEPPOL fir Rechnungen. Am Kader vum neien ASBL-Gesetz misst och de Budget ugepasst ginn an et gouf decidéiert, perspektivesch eng Persoun anzustellen, déi administrativ Tâchen iwverhëlt. Am Kontext vun dësen Ännerungen huet d'Nora WAGENER och jeeweils un engem

A:LL Schrëftsteller\*innen asbl  
Association sans but lucratif  
1, rue de Laroche L-1918 Luembourg  
F-13007

Online-Seminär deelgeholl.

Am Abrëll gouf déi drëtt Assemblée Générale zu Weimerskirch am Kulturzentrum ofgehalen. Dobäi gouf een neien Exekutiv-Büro gewielt. Deen besteet aus dem Jeff SCHINKER als Präsident, Francis KIRPS als Vizepräsident, Nora WAGENER als Tresorière a Maxime WEBER als Sekretär.

Den neien Exekutivbüro huet sech virgeholl, d'Aarbecht vum ale Büro ugemiessen weider ze féieren an dobäi verschidden intern Aarbechtsprozesser ze vereinfachen, ë. a. andeems een d'Verwaltungsrot-Versammlunge méi effikass just nach all dräi Méint mécht, an duerch d'Digitaliséierung vun Dokumenter.

Am Mee wor A:LL och nees bei de Mierscher Theaterdeeg dobäi. Dobäi huet se Kontakt mat Acteuren hiergestallt, Deel vun der Koordinatioun an de Cacheten iwwerholl an et och als eng Zort Marché vu Stécker konzipiéiert.

Am Oktober huet A:LL ee Bréif un de Kulturministère formuléiert, wéi een de Lëtzebuerger Theaterpräis besser gestalte kann. Ënner anerem gouf virgeschloen, dass d'Texter vun de Leit un de Ministère an de CNL geschéckt ginn, soudass d'Jury dann iwwer de jeeweilige Fong op se zeréckgräife kann.

Am November huet A:LL mat der ULASC ee Pressecommuniqué verschéckt, an deem si hier Fuerderungen un déi nei Regierung gestallt hunn. D'ULASC ass den Daachverband vun de Kultur-ASBLen zu Lëtzebuerg. D'A:LL huet sech mat der ULASC getraff, fir ze beschwätzen, wéi een der neier Regierung begéine a verschidden Onkloerheete bezüglech der Kulturpolitik vun der neier CSV-Koalitioun aus dem Wee raumen kann. Ënner anerem gouf am Communiqué gefuerdert, d'Professionaliséierung



A:LL Schrëftsteller\*innen asbl  
Association sans but lucratif  
1, rue de Laroche L-1918 Luembourg  
F-13007

vum Kultursecteur virun ze dreiwen, d'Aarbechtsbedéngunge vun de Leit ze verbesseren an se besser ofzesécheren an d'Valorisatioun vun der Kultur zu Lëtzebuerg ze stäerken.

Dozou huet A:LL och nach een separate Bréif un de neie Kulturminister Eric Thill geschéckt, an deem si nach eemol spezifesch op hier Fuerderunge fir de Literatursecteur agaangen ass.

Am November war A:LL fir d'zweete Kéier bei de Walfer Bicherdeeg présent an huet sech mat enger Receptioun sur place fir d'Visibilitéit vum Verband agesat. Dozou huet A:LL d'Fabienne FAUST fir de Jury vum Buchpräis proposéiert.

Am Dezember huet A:LL decidéiert, eng Applikatioun beim European Writer's Council anzereechen.

Um Enn vum Joer 2023 hat A:LL 56 aktiv Memberen.

### **3. Rapport de la trésorière sur l'exercice 2023**

D'Nora WAGENER hëlt d'Wuert a stellt säi Rapport als Tresorière vir.

Si confirméiert, datt eis Convention mam Kulturministère 2023 bei 26.000,00 EUR

loun, déi A:LL integral am Februar 2023 iwwerwise krut. Zu de weidere Recette vum Joer gehéieren d'Cotisatiounen 2023 an der Héischt vun 1.080,00 EUR. Wat ee Gesamt vun 27.080,00 EUR u Recette bedeit.

Den 31. Dezember 2023 hat A:LL eng Zomm vun 38.376,89 EUR op sengem Kont.

Dëse Montant huet sech zesummegeat aus:

- dem Iwwerschoss 2023 (Recetten 2023 vun 27.080,00 EUR minus Dépensen 2023 vun 15.746,16 EUR = 11.333,84 EUR)

A:LL Schrëftsteller\*innen asbl  
Association sans but lucratif  
1, rue de Laroche L-1918 Luembourg  
F-13007

- an engem Report vu 27.043,05 EUR aus dem Joer 2022

D'Dépenses vun A:LL am Joer 2023 hunn sech esou zesummegeallt:

Dépenses	
Fourn. administratives non st.	977,43 EUR
Carburants non stockés	72,50 EUR
Location install. techn./mach.	-140,28 EUR
Location matériel roulant	244,90 EUR
Contrats de maintenance	1186,68 EUR
Frais de compte	323,00 EUR
Honoraires comptables/audit	464,00 EUR
Autres honoraires	6612,44 EUR
Projet de lecture	1.800,00 EUR
Dons courants	75,00 EUR
Autres achats publicité	1.998,70 EUR
Voyages et déplacem. Direction	525,76 EUR
Réception er représentation	1416,06 EUR
Timbres	177,87 EUR
Droits d'enregistrement	12,10 EUR
<b>TOTAL:</b>	<b>15.746,16 EUR</b>

Detail:

Ënnert **Fournitures administratives non st.** fält engersäits de Laptop deem A:LL sech kauft huet, anerersäits d'Smarcard-Proën an de Reader, deem A:LL sech fir den Online-banking huet missen zouleeën.

A:LL Schrëftsteller\*innen asbl  
Association sans but lucratif  
1, rue de Laroche L-1918 Luembourg  
F-13007

D´Ausgabe fir **Carburants non stockés, Location matériel roulant a Voyages et déplacements** sinn zustanekomm, well et Membere goufen, déi fir gewëssen Occasiounen (CA-Versammlungen, AG, Rendez-vous beim Ministère etc.) aus dem Ausland hu missen ureesen; des Käschten iwwerhëlt A:LL.

De Minus vun 140,28 EUR (**Location install. techn./mach.**) ass op een am Joer 2022 fälschlecherweis duebelt bezuelte Rechnungsbetrag zeréckzeféieren, deen A:LL dunn Uganks 2023 zeréckiwwerwise krut.

**Contrats de maintenance** betrëfft eisen Internetsite, grad wéi d´Maintenance vun de Social-Media-Accounts vun A:LL.

D´Punkten **Frais de compte an Honoraires comptables** verstinn sech vun eleng.

**Autres honoraires** setzt sech aus folgende Posten zesummen: Den Honorairen, dee A:LL sengen Iwwersetzerbüro fir d´Iwwersetze vun Dokumenter bezuel, d´Indemnités administratives exécutif fir Aarbechte vum Bureau exécutif an d´Indemnitéite fir d´Memberen vun A:LL, déi sech an den Aarbechtsgruppen oder a verschiddene Gremie fir d´Saach vun A:LL engagéieren. Den Detail, wat dëst Joer alles an de Gruppen a vum Büro geschafft an ëmgesat gouf, fannt dir am Rapport d´Activité.

**Projet de Lecture** sinn d´Honorairen, déi A:LL den Auteure fir d´Liesungen am Kader vun de Mierscher Theaterdeeg bezuel huet. Hei ass bei der Fiduciaire eng vun de Rechnungen aus Versinn bei „Autres honoraires“ gelant – an sech huet A:LL am Ganzen 2.100,00 EUR u Lieshonorairen ausbezuel.

Den **Don** vu 75,00 EUR fir d´Médécins du monde ass in memoriam vun der

A:LL Schrëftsteller\*innen asbl  
Association sans but lucratif  
1, rue de Laroche L-1918 Luembourg  
F-13007

Schrëftstellerin Anise Koltz gemaach ginn.

D´Billergalerie fir d´Promotion visuelle vun A:LL, déi vum Patrick Galbats gemaach gouf, lafen ënnert dem Punkt **Autres achats publicité**.

Ënnert **Réception et représentation** fällt de Patt, deen A:LL Memberen no der AG 2023 offrëiert huet, souwéi de Catering am Kader vun der Receptioun während de Walfer Bicherdeeg.

De Posten **Timbres** fällt verhältnesméisseg héich aus – hei falen zwee Eilversande aus dem Ausland op Lëtzebuerg an d´Gewiicht.

De Punkt **Droits d´enregistrement** mengt d´Fraise fir en Extrait aus dem RCS.

#### **4. Rapport des réviseurs de caisse**

De Jeff SCHINKER hält d´Wuert a stellt de Rapport vum de Réviseuses de caisse, der Fabienne GILBERTZ an der Constantina TENACE fir, déi d´Konte vun A:LL Schrëftsteller\*innen « en tous points correctes [sic !] » déclaréieren.

De Rapport des réviseurs de caisse gouf à l´unanimité approuvéiert.

#### **5. Approbation des bilans et comptes**

Bilanen a Konte ginn unanimement approuvéiert.

#### **6. Désignation des réviseurs de caisse pour 2024**

De Jeff SCHINKER seet, dass d´ Constantina TENACE an de Claude D. CONTER sech bereet erkläert hunn, nächst Joer als Reviseur de caisse ze fungéieren. Dëst gouf unanimement approuvéiert.

A:LL Schrëftsteller\*innen asbl  
Association sans but lucratif  
1, rue de Laroche L-1918 Luembourg  
F-13007

## **7. Élection de nouveaux membres du Conseil d'Administration**

De Jeff SCHINKER hëlt d'Wuert an erklärt, dass nach 2 vun den insgesamt 13 Posten fir de Conseil d'Administration vun A:LL besaat kënnen ginn. D'Mandy THIERY an den Robert WEIS hu sech dofir gemellt. Allen zwee goufen unanimement ugeholl an an den CA opgeholl.

## **8. Présentation des groupes de travail**

D'Ulrike BAIL stellt de Grupp LYRIK fir. Déi stellt sech d'Fro: Wéi kann ee Lyrik zu Lëtzebuerg méi visibel maachen? Si treffen sech all 6-8 Wochen am Bovary. Ee Lyrik-Stammtisch ass och geplangt, deen bis ewell op A:LL Membere beschränkt ass. Den nächsten ass de 5. Juni um 18:30h, e soll zweemol am Joer stattfannen.

D'Elise SCHMIT stellt de Grupp REMUNERATIOUN fir, deen sech via Zoom trëfft. Tariffer fir Theater goufe ropgesat. Déi sollen déi kommend Woch un de Bureau geschéckt ginn. Kontrakter fir den Theater wäerten am Summer duerchgeholl an ugepasst ginn.

Dono stellt de Francis KIRPS de Grupp EMERGENTS fir, den fir nei a jonk Auteur\*innen ass, déi nach net d'Qualifikatiounen hu fir aktiv Member ze ginn. Treffen sech säit Juli 2021 all zwee Méint. Den Tullio FORGIORANI, deen de Grupp mam Francis KIRPS geleet huet, zitt sech deemnächst zréck aus dem Grupp a gëtt duerch de Luc FRANCOIS ersaat, deen (bis en am Dezember 2023 aktiv member gouf ) am Grupp Emergent wor. Am Moment sinn 16 jonk Auteur\*innen Memberen am Grupp.

De Jeff SCHINKER stellt de Grupp „5 Joer A:LL“ fir, deen als Missioun huet, am nächste Joer am Juli ee (klenge) Literaturfestival op d'Been ze stellen.

A:LL Schrëftsteller\*innen asbl  
Association sans but lucratif  
1, rue de Laroche L-1918 Luembourg  
F-13007

Dem Jeff SCHINKER no ass de Grupp EDITEUREN am Moment inaktiv, den Ian DE  
TOFFOLI wëll awer lo kucken fir en nees ze beliewen.

A:LL Schrëftsteller\*innen asbl  
Association sans but lucratif  
1, rue de Laroche L-1918 Luembourg  
F-13007

## **9. Discussion libre**

D'Elise SCHMIT weist nach eemol drop hin, dass och Leit, déi net am Conseil d'Administration sinn, Initiativen ergräifen an Aarbechtsgruppen opmaache kënnen.

Et gouf och driwwer geschwat, dass ee grad no Gespréicher mam Kulturministère op der Sich no enger Persoun ass, déi déi een zesumme mat dem Editeursverband géif astellen, fir de Fonctionnement vun den zwou Associatiounen ze garantéieren an d'Professionaliséierung vum Secteur, notamment och am Ausland, virun ze driewen. De lan DE TOFFOLI iwwerleet, wéi een do sollt viru goen.

Op Initiative vum Luc FRANCOIS gouf och decidéiert, dass een eemol d'Thema Lyrik beim Emergents-Treffen opgräift.

Dozou trëtt d'Mandy THIERY dem Grupp Remuneratioun bäi.


**Enn vun der Sëtzung: -19:40**

---

A:LL Schreftsteller\*innen asbl  
Association sans but lucratif  
1, rue de Laroche L-1918 Luembourg  
F-13007

**Lëtzebuerg, den 25. Abrëll 2024**

**Jeff Schinker, President**

A square image showing a handwritten signature in dark ink on a light-colored background. The signature is stylized and appears to be the name 'Jeff Schinker'.